

Nationalen Erënnerungsdag vun der Resistenz

23. Februar 2020

Ried vum Guy Dockendorf beim Hinzerter Kräiz

Léif alleguerten,

(1)

**Die wichtigsten Fragen beantwortet man letztlich immer
mit seinem ganzen Leben.**

**En fin de compte, nous répondons aux questions vraiment importantes avec toute
notre vie**

**Lastly we do answer the most important questions
with our whole life**

Ech mengen, datt dëse Saz vum Sándor Márai, engem ungarischen Schrëftsteller a Journalist (1900 - 1989)¹, eis bei dëser Gedenkzeremonie virum Hinzerter Kräiz guidéiere kann. Mir erënneren eis haut un all déi Fraen a Männer déi am 2. Weltkrich de Courage haten, sech den Naziën entgéintzestellen. Si hu mat hirem Liewen bezuelt, an enger Zäit vun Onsécherheet wou et ëmmer mi schwéier gouw ze verstoen, wat dann eigentlech dat wichtegst am Liewen wier. Si hunn awer och duerch dat, wat se deene kommende Generatiounen virgeliewt hunn eis e Message fir haut mat op de Wee ginn.

Mir erënnere haut ganz besonnesch un déi 23 Membere vun der Resistenz, déi de 25. Februar 1944 – viru 76 Joer – am Hinzerter Bësch erschoss goufen, grad ewéi och un d'Streikaffer, déi am September 1942 zu Hinzert an zu Köln ëmbruecht goufen.

(2) Di meescht vun eis si nom Krich gebuer. Egal ob mer di 2., 3. oder 4. Generatioun nom Krich sinn, di essentiell Froen bleiwen diselwecht: wéi hätte mer reagiert wann et drëm gaange wär iwver Liewen an Dout ze decidéieren? Wéi hätte mir reagiert wa mer verhaft, gefoltert, deportéiert an a KZer oder Vernichtungslager bruecht gi wären? Well mer der Nazi-Ideologie net entsprach hunn, well mer politesch Opposants oder Judden oder Roma a Sinti oder Homosexueller oder Jehovahzeugen oder sougenannt *Asozialer* waren? Oder wa mer géint eise Wëllen an d'Wehrmacht forcéiert gi wären? Hätte mer wéi vill ze vill d'Fauscht an der Täsche gemaach oder souguer offen oder heemlech mat den Naziën zesumme geschafft?

D'Entwert op di wichtegst Froen an eisem Liewen bëäntwere mer mat eisem Liewen, eisem Liewen haut.

Wann een di dote Froen op haut projezéiert, da giwwen se vläicht esou ausgesinn:

- Wéi reagiere mir wa mer, am Bistrot, an der Schoul oder op der Aarbechtsplaz, confrontéiert gi mat blöde Witzen, déi rassistesch, friemefeindlech oder antisemitisch gefierwt sinn?
- Watfer Argumenter hu mer eis ausgeduecht fir an enger Diskussioun Leit ze entweren, déi di elementar Mënscherechter a Fro stellen?
- Oder wat giwwe mer engem Politiker soen, deen - sou wéi de fréieren éisterräichen Innenminister Kickl - virun engem Joer öffentlech declaréiert huet: « *Das Recht hat der Politik zu folgen und nicht die Politik dem Recht.* » Jo, Dir hutt richtig gehéiert: do huet en demokratesch gewielte Politiker sech kloer derfir ausgeschwat, datt d'Politik dem Droit Virschrëften däerf maachen!

¹ **Sándor Márai**, [eigt.: Sándor Károly Hernik Grosschmidt], ungarische Schrëftsteller a Journalist (gebuer den 11.4.1900 zu Kaschau, Éisterräich-Ungarn; gestuerwen den 22.2.1989 zu San Diego, USA)

Datt esou Froen vun enger brennender Aktualitéit sinn, hu mer lo nees di lescht 2 Wochen aus Amerika gehéiert...

*Dir Dammen an Dir Hären,
Léiw Alleguerten*

(3) D'Geschicht, déi d'Mënschen am Krich un hirem Kierper an un hirer Séil erliewt hunn ass nët eppes wat ee mat e puer intelligente Wieder kann op Pabeier bréngen. Fir datt mer och nëmmen e bëssen e Gespir entwéckelen wat Mënschen erdroen hunn, brauche mer ëmmer nees d'Témoignagen vu Leit déi duurch d'Hell vum Nazi-terror gaang sinn.

Ee vun deenen, deen iwwerliewt huet war de Primo LEVI dee virdéischt bekannt gouw duerch säi Buch *Ist das ein Mensch?* (1947) iwwer Auschwitz wou en 11 Méint gelidden huet.

A sengem leschte Buch, *I sommersi e i salvati* (*Die Untergegangenen und die Geretteten*), dat en 1986, e Joer viru sengem Doud, geschriwwen huet, freet e sech wéi et méiglech war datt Milliounen vu sougenannte "normale" Leit esou Haasspriedeger wéi Hitler a Mussolini konnten op de Laim goen. (*Zitat:*)

*" Wir müssen ganz einfach wissen, oder uns daran erinnern, dass den Reden von Hitler und Mussolini von riesigen Menschenmengen geglaubt wurden. Diese Reden wurden applaudiert und bewundert, obschon die Ideen, die dort unters Volk gebracht wurden meistens abwegig, dumm und grausam waren. Viele Menschen haben sie bejubelt und sind ihnen bis zum Tod gefolgt. **Diese Getreuen waren nicht als Henker geboren, es waren eigentlich ganz gewöhnliche, normale Menschen, die bereit waren alles zu glauben und ohne Widerrede zu gehorchen.**"*

(4) Ech verstinn di prophetesch Wieder vum Primo Levi, 40 Joer no Auschwitz, also 1986 wou een hätt kënne mengen, d'Mënschheet hätt aus de Gewaltjoere vum 2. Kirch geléiert, esou: **Et muss een, ëmmer an ëmmer nees, un d'Wuurzele vun der Gewalt goen!** Gewalt, dat sinn och di kléng Schléi, di kleng Ki déi mer ausdeelen an déi lues a lues e verbalt Feld vu Gewalt opbauen!

Wat bewirken d'Haasspriedeger vu Gewalt a Leed, vun deemols a vun haut? Di pervers Rhetorik vun eenzelnen ëffentleche Persoun huet en pervers Wiirkung: si schloen dat mühsam opgebaute Vertrauen tèschent de Völker dout! Si bauen erëm Maueren a si verschléissen a grenze Mënschen aus!

(5) Et gëtt ëmmer méi klor: de Rietsextremismus ënnerwandert a ville Länner di demokratesch Institutiounen an ass vill méi geféierlech a präsent wéi mer mengen. De 15. Mäerz 2019 huet den Attentäter vu Christchurch an Neiseeland 50 Muslimen aus puerem Haass ëmbruecht. Hien hat d'Ënnerstëtzung vu rietsextreme Kreesser aus Europa an hat och de Mäerder vun Halle a méiglecherweis och dee vun Hanau inspiréiert.

A wat kënnen, wat musse mir maachen? Mir hunn all, jiddereen ob jonk oder manner jonk, eng Missioun: mir müssen dofir suergen, datt mer bei der historiescher Wourecht bleiwen a mir müssen oppassen *wat fir* Wieder mer gebrauchen an eisem Schwätzen oder op de *social media*: et ass net egal *wat a wéi* mer eppes soen! Rietsextrem Schlagwieder ënnergruuen d'Wourecht an d'Mënscherechter. Rietsextrem Desinformatioun schaaft

fundamentalt Mësstrauen vis-à-vis vun deem Aneren: sie ass de Nährbuedem vun allen Extremisten a si schafft e Klima vun Onsécherheet a vu Mësstrauen!

(6) Ech sinn iwwerzeegt: esou Gedenkzeremonie wéi déi vun haut hunn nëmmen dann e Wäert, wa mer doraus d i praktesch Konsequenzen zéien fir eisen Alldag, fir e respektvollen Ëmgang mat deem Aneren.

Erënneren heescht aus der Geschicht léieren, heescht oppassen, a sech aktiv asetzen géint all Forme vu Friemenhaass, vun Haass géint Judden oder Moslems, vu Verbreede vun Haass a falschen Informatiounen, och an eisem Land!

Wien hätt geduecht, dass d'Universell Déclaratioun vun de Mënscherechter, déi d'UNO den 10. Dezember 1948 am Palais de Chaillot zu Paräis ugeholl hat, haut giww vun autoritären Acteuren op der ganzer Welt a Fro gestallt ginn. En Deel vun Europa ass am gaangen seng eege Geschicht ze vergiessen!

D'UNO Déclaratioun seet, datt all Mënsche fräi a gläich un Dignitéit an u Rechter gebuer gëtt: wéi kann een do net Parallelen zéien tëscht deene Milliounen vu Mënschen vun *Displaced Persons* an Ost- a Westeuropa nom Enn vum 2. Weltkrich an de Flüchtlingen vun haut, déi op der Sich no Sécherheet sinn, a vun de Rietsextreme verdäiwelt ginn.

*Dir Dammen an Dir Hären,
Léiw Frënn*

(7) Ech giww gär ophale mat engem Message un déi jonk Leit, well ech mengen datt et e Message vu Bescheidenheet mee och e Message ass, dee Courage mécht!

E gouww geschriwwe scho viru 50 Joer, vun engem Iwwerliewenden vu Konzentratiounslager, dem Bob Sheppard. Hien schreiw an engem Buch iwver d'Lëtzebuerger zu Mauthausen dat hei:

« Sachez que vos pères ne cherchent pas à tirer de ce devoir qu'ils ont accompli de grand coeur, ni vaine gloire, ni triomphe, ni honneur. Sachez que la souffrance leur a tout simplement, mieux qu'à beaucoup d'autres, ouvert un peu plus les yeux sur les défauts et les qualités des hommes et si parfois leur regard vous semble lointain c'est qu'ils revoient des choses qu'ils ne veulent pas que vous voyiez, jamais, ni vous, ni les vôtres, ni ceux qui vous succéderont, ni les peuples qui vous entourent.

Sachez que la souffrance a engendré la compréhension, que la haine a engendré la bonté. Ils veulent tout modestement être un témoignage de ce qu'il ne faut plus connaître dans un monde qui peut être si beau. Songez-y, jeunes du Luxembourg, [...]. Songez aussi que l'importance d'un pays et sa valeur ne se mesure pas au mètre carré de surface au sol, à la densité de telle ou telle population, à la puissance de telle industrie, surtout pas à la gloire de tel ou tel homme, mais à la tenue de tous ses enfants dans l'adversité.»

Ech soen lech merci fir d'Nolauschteren.

Guy Dockendorf

